



Assemblée générale ordinaire du 26 mars 2015

Rapport d'activité du secrétaire général Thierry Ries

Es ist vollbracht !

10 Joer nodeems d'AGC méi Formatioun ouni Gehaltsopbesserung gefuerdert huet,

7 Joer nodeems d'CGFP op eng generell Gehälterreform insistéiert huet, awer och

7 Joer nodeems et de Schoulmeeschteren nees eemol gelongen ass hir Scheewercher an d'Dréchent ze kréien,

5 Joer nodeems d'Conférence des comités den éischte Worf vun enger Gehälterreform unanimement refuséiert huet,

4 Joer nodeems d'CGFP mat der Regierung deen un e Gehälteraccord gekoppelten Accord iwwer déi geplangte Reform ënnerschriwwen huet,

3 Joer nodeems d'Projeten an der Chamber deposéiert gi sinn

an no enger ganzer Rei vu weideren Negotiatiounen, Kompromësser, an Zousazaccorden,

hunn d'Députéierte virgëschter de 24. Mäerz 2015 de Reformprojeten an der Fonction publique gréng Luucht ginn.

Verlängerung vum Stage zesumme mat enger Reduktioun vun der Indemnité de stage, een zum Gléck ofgespeckte Bewäertungssystem, automatesch Avancementer bis an den Endgrade, an natierlech net ze vergiessen, Schafe vun engem neie Groupe de traitement fir d'Bacheloren.

Wann och deen een oder anere Beamte vun dëser Reform profitéiere wäert, da bleift allerdéngs déi ganz ganz grouss Majoritéit op der Stréck. Keng Verbesserung par rapport zu virdun, mä dofir eng méi oder wéineger grouss Verschlechterung vun hire Perspektiven.

Fir d'AGC bedeit et awer och a ganz besonnesch dat definitivt Enn vun eiser laangjäreger Fuerderung no enger besserer, méi adequater an eisen Attributiounen no ugepasster Formatioun.

10 Joer « E Bachelor fir d'Redakteren »

Tatsaach ass, den aktuellen Niveau vun de Primaner, also zumindest vun deenen déi den Examen-Concours maachen, ass gréisstendeels lamentabel.

Den Taux d'échecs läit zënter Jore bei iwwer 80%. Déijéineg déi de Concours packen si meeschtens iwwerqualifizéiert, hunn e Master an deene verschiddenste Fachrichtungen, oder si si scho bei Alter a kommen aus dem Privatsektor.

Dat ass awer elo kee Reproche vis à vis vun eise jonken an och emol manner jonke Kollegen.

Zum enge si sinn et net, déi an eisem Schoulsystem de Nivellement vers le bas zur Regel gemaach hunn, an dat nëmme fir dass den Taux de réussite am Fondamental an am Secondaire esou héich ewéi méiglech ass.

Zum aneren awer gehéieren si zur Elite, also zu deene 17-20% déi et dach tatsächlech fäerdeg bruecht hunn den Examen-Concours ze packen an dat ouni ze kompenséieren.

Fréier sinn déijéineg déi gutt waren an déi sech et leeschte konnte studéiere gaangen. An déi déi zwar och gutt waren, sech awer e Studium net leeschte konnten, jo déi si schaffe gaang ... zum Deel och bei de Staat. Esou konnt de Staat dann och meeschtens op ganz gutt Kandidaten zeréckgräifen.

Haut kann ze soe jidderee studéiere goen dank de Boursen. Et packt awer net jiddereen et bis zum Schluss. Déijéineg déi hiert éischt, zweet oder drëtt Studium ofbrieche probéieren dann emol nach als Redakter beim Staat ënner Daach ze kommen. An dat klappt an deene meeschte Fäll och emol net.

Fir deem entgéint ze wierke fuerdert d'AGC zënter méi wéi 30 Joer eng besser Formatioun fir déi zukünfteg Redakteren. Dës Fuerderung gouf am Laf vun de Joren ëmmer nees ugepasst: zwee Joer Cycle court, mat oder ouni Gehaltsopbesserung, mat oder ouni Opsplécke vun der Carrière, a.s.w.

Am Kader vun der Creatioun vun der Uni Lëtzebuerg huet d'AGC sech fir d'Schafe vun engem speziellen Organisme de formation fir d'Redakteren agesat. Eng Revendicatioun op déi mir mol keen Accusé de réception kritt hunn.

2005 hu mir an engem Memoire de Bachelor Diplom fir déi zukünfteg Redaktere gefrot an zwar ouni Gehaltsrevendicatioun: méi Formatioun awer net méi an der Pai.

2008 war d'Joer vun eisem éischte Litige wou mir bis an d'Mediatioun gaange

sinn. Allerdéngs koum et jo deemools am Summer zu der Revalorisatioun vun de Schoulmeeschteren déi hire Bachelor ugerechent kritt hunn.

De Mediateur Albert Hansen huet eis deemools geroden de Litige zeréckzezéien, well eis Revendicatioun ouni Gehaltsopbesserung an dëser neier Situatioun net méi ze hale war.

Well bis zu deem Zäitpunkt gouf et effektiv an der Carrière moyenne e ganz klaren Desequiliber. Awer net um Niveau vun de Gehälter, mä um Niveau vun der Formatioun. Anescht wéi d'Ingénieurs techniciens, d'Schoulmeeschteren oder och nach aner Carrièren am sozio-edukative Beräich, sinn d'Redakteren ëmmer nach um Niveau Première hänkebliwwen.

An dofir hu mir Enn 2008 en neie Memoire dem deemolege Minister Wiseler ënnerbreet: nach ëmmer de Bachelor fir d'Redakteren, mä elo mat deem selwechte Reklassement wéi deen deen d'Regierung de Schoulmeeschteren um sëlwere Plateau presentéiert hat.

2010 hu mir nees d'Procédure vum Litige lancéiert, hunn dee Litige awer op Drock vum deemolege Minister Biltgen zeréckgezunn. Anerefalls hätt hien eis am Kader vun deene sougenannten « Negociatiounen » ausgeschloss.

2013 hu mir dës Procédure nees opgeholl, mä nom Auserneebrieche vun der deemoleger Regierung gouf dee Litige faute de combattant op der Géigesäit vum Conciliateur als « sans objet » considéiert.

An nodeems mir 2014 den Dialog mat deem neie Minister vun der Fonction publique zwar gesicht, awer leider net fonnt hunn, hu mir schlussendlech esou wéi op eiser leschter Assemblée générale ugekënnegt eise 4. Litige a 6 Joer ulafegelooss.

Dem Minister seng Reaktioun

Als Reaktioun op de Communiqué de presse dee mir an deem Kontext gemaach hunn, huet sech de Minister Kersch ganz zouversichtlech gewisen - Zitat - :

« D'Conciliatioun huet deemools gesot et géif u sech kee Moment gi wou ee misst elo hei nach conciliéieren an hir Demande u sech rejetéiert. Ech ginn dovun aus, dass dat och dës Kéier wäert geschéien » - Zitat Enn - .

Also nach eemol fir déi déi et anscheinend nach ëmmer net matkritt hunn :

Eise Litige ass 2013 net vun der « Conciliatioun », ween och ëmmer dat ass, rejetéiert ginn, mä faute de combattants op der Regierungssäit, als « sans objet » considéiert ginn.

An dem Minister Kersch seng Ausso, - Zitat - « *dass d'Redakteschcarrière eng vun deene Carrières ass déi ganz gutt dobäi eweg kënnt, wa mir elo an den neie System wäerten iwwergoen* » - Zitat Enn -, also déi Ausso kënne mir och absolut net deelen.

Sécher, dank den automateschen Avancementer a Promotiounen, kommen an Zukunft alleguer d'Redakteren an der Grade 13. An net nëmmen 11% wéi bis ewell, onofhängeg vun iergend welchen Attributiounen. Et gi bestëmmt Beamten, déi sech elo soen tiptopp, déi selwecht Pai wéi meng Virgänger an ech brauch weder hinnen hir Aarbecht ze maachen, nach hir Responsabilitéit ze assuméieren.

Well ouni eng besser an adequat Formatioun wäerten eis traditionell Attributiounen no an no, wann net vun der Carrière supérieure, dann awer sécher vun der neier Bachelorcarrière iwwerholl ginn. An duerch deen neie Mécanisme temporaire de changement de groupe wäerten d'Redakteren esouguer selwer an aktiv dozou bäidroen.

Mä et ginn awer och nach ganz vill jonk Redakteren déi gären hire Virgänger hir Funktiounen iwwerhuele géifen. Mä no der Reform an deem engen oder anere Changement de groupe iwwer deen neie Mécanisme temporaire, risquéiert dat net méi dran ze sinn.

Mä glécklecherweis bleift d'Pai - zumindest am Moment nach - déi selwecht.

Eise 4. Litige a 6 Joer

De 14. Abrëll 2014 hu mir also nees eemol de President vun der Commission de conciliation mat eisem Litige saiséiert. Bis de Summer huet sech awer näischt gedo. Duerno huet fir d'éischt emol nach mussen en neie Conciliateur genannt ginn, an dofir huet et dann och bis de 26 September 2014 gedauert ir et zur éischter an zugläich leschter Réunioun vun dëser Commissioun komm ass.

A wat soll ee groussaarteges dozou soen ?

Et war kurz und schmerzlos ! De Minister Kersch hat sech selwer déplacéiert fir eis ze soen, dass guer näischt dra wier. Wann hien och nëmmen eppes am déposiertem an och schonn amendéierten Text fir eis ännere géif, jo da misst hien dat och fir all déi aner Carrière maachen.

A sou si mir dann och no engem trotz allem agreabelen Echange de vues zum Schluss komm, dass eng Conciliatioun net méiglech wier, well zum engen eis Positionen diametral opposéiert wiren an zum aneren de Minister guer kee Spillraum hätt. Also hu mir séance tenante d'Non-conciliatioun festgestallt.

An dat war et dunn och scho fir d'Etape vun der Conciliatioun.

Eng Remarque géif ech mir allerdéngs zur Kompositioun vun dëser Kommissioun erlaben.

D'Regierung huet 5 Verrieder, d'Gewerkschaft theoretesch och : zween vun der Associatioun an dräi vun der CGFP.

(...)

Do freet e sech dann awer ob et net méi sënnavoll wier, wann d'Associatioun wéinstens dräi vun de fënnef Verrieder an dëser Kommissioun ze gutt hätt.

Mä wéi och ëmmer. No der Signature vum Procès-verbal de non-conciliation, hu mir de President vum Conseil d'Etat a senger Funktioun als Mediateur mam Litige befaasst. Dee fir säin Deel huet dës Charge un de Paul Schmit, Member vun der héier Kierperschaft a Beamten am Département des transports weiderginn.

Den 30. Oktober 2014 hate mir als AGC dunn d'Geleeënheet, fir dem Mediateur eis Vuen, Doléancen a Revendicatiounen ze presentéieren. A wat soll ech soen, mir haten d'Impressioun dass hie vill Verständnis fir eis dach zimlech aussichtslos Situatioun hat.

Och hunn seng divers Reaktiounen op eis Ausféierungen dorop schléisse gelooss, dass hie ganz genee verstanen hat em wat et eis bei eisem Litige gaangen ass.

No zwou weidere Réuniounen an deenen hien och nach d'Verieder vun der Regierung a vun der CGFP eenzel gehéiert huet, hu mir dunn de 26. November 2014 seng Recommandatioun zougestallt kritt.

Mä dat wat de gudde Mann do zu Pabeier bruecht hat, dat war riicht eraus gesot eng Frechheet. Wir ech net selwer dobäi gewiescht, da géif ech soe mir hätten him alles falsch erkläert oder hien hätt ganz einfach näischt verstan.

Oder sollt et eventuell op Grond vun deenen zwou anere separate Réuniounen zu Mëssverständnesser komm sinn.

No eiser Entrevue hu mir eis zwar keng Illusiounen gemaach, mir si jo net vu gëschter an haut, mä zumindest hate mir d'Impressioun de Mediateur hätt d'Problematik verstan.

Mais loin de là !

A senger Recommandatioun ënnerstellt hien eis Revendicatiounen déi mir emol guer net gemaach hunn a proposéiert esouguer Verschlechterungen um deposéiertem Text.

Dat hu mir him dann och an engem Courier vum 4. Dezember 2014 geschriwwen

an en opgefuerdert seng sougenannte Proposition nach eemol ze iwwerdenken.

Mä a senger Äntwert vum 9. Dezember 2014 war hie just « au regret de constater que vous réservez une lecture du dossier à plusieurs points différentes de celle faite par le médiateur ».

An aner Wierder mir haten anscheinend näischt verstan. A wat eis soi-disant Revendicatioun ugeet op déi hien esou ausféierlech agaangen ass, do huet hie sech fir eng « coquille » entschëllegt. Tatsächlech hätt sech do eng Erreur erageschlach, an dee Pourcentage dee mir jo anscheinend revendiquéiert hätten an deen hien op 10-15% reduzéiere wëll, wier selbstverständlech net 25% mä 20%.

Wann dir elo net verstitt em wat et hei geet, dann ass dat och net weider schlëmm. Well mir hunn et och net verstan.

Den Objet vum Litige war folgenden :

- Preservatioun vun eisen Attributiounen, duerch de Relèvement du niveau d'étude, mat engem Reklassement vun der Carrière an de groupe de traitement A2

Dat ass jo awer kloer an däitlech !

An à titre subsidiaire hu mir nach folgendes proposéiert :

- Assimilatioun vun de Redakteren en fin de carrière un d'Gestionnaires aus dem Groupe de traitement A2 duerch en Avancement en traitement an de Grade 14

A wann dat och nach net dra gewiescht wier :

- Applicatioun vum « Mécanisme temporaire de changement de groupe » no de Konditiounen esou wéi se am Avant-projet de loi virgesi waren.

Hei geet et also em Formatioun, Reklassement a Konditiounen, awer net em Pourcentagen.

Tatsaach ass awer, dass de « Mécanisme temporaire de changement de groupe » esou wéi en du schonn am deposéiertem Projet virgesi war, fir 20% vun de Redakteren a Fro kënnt. Wann hien also dee Pourcentage dee schonn am deposéiertem an amendéierten Text virgesi war, an et ka jo nëmmen dee si well et gëtt wäit a breet keen aneren, wann hien also dee Pourcentage och nach erofsetze wëll, jo da brauch hie sech net ze wonneren, wa mir seng Recommandatioun net unhuele kënnen.

Den Echech vun der Mediation

An esou hu mir dann och dem Mediateur an dem Minister vun der Fonction publique den 30. Januar 2015 matgedeelt, dass déi sougenannte Recommandatioun fir eis absolut inacceptabel wier. Nom Echech vun der Conciliatioun, konnte mir also nëmmen och nach den Echech vun der Mediation constatéieren an domat den Echech vun der ganzer Procédure vum Litige, esou wéi se am Gesetz vum 16. Abrëll 1979 iwwer d'Streikrecht virgesinn ass.

Op dëse Courrier hu mir allerdéngs weider keng Reaktioun méi kritt, weder vum Mediateur, nach vum Minister vun der Fonction publique.

Dem Gesetz no hate mir also d'Recht ze streiken. D'Décisioun ob mir vun deem Recht Gebrauch maachen oder net, déi Décisioun wollte mir, ursprénglech eise Memberen iwwerloossen.

(...)

Also hu mir am Comité unanimement decidéiert dës Procédure ofzekierzen an aus eiser eegener Iwwerzeegung eraus op eist Streikrecht ze verzichten.

Wéi mir 2005 méi Formatioun ouni Gehaltsopbesserung gefuerdert hunn, du hate mir jo trotz allem och eis Gehälter mat an eis Iwwerleeungen agebonnen. An aner Wieder, mir wollten dat behale wat mir zu deem Zäitpunkt haten: 41 % vun eiser Carrière am Cadre fermé an 11% am Grade 13.

Ëmmer méi vun eisen Attributiounen a Responsabilitéite sinn an deene leschte Joren un d'Carrière supérieure verluer gaang. Dat ass eng Tatsaach ! An dës Evolutioun hätt onweigerlech dozou gefouert, dass et iergendwann kee Grond méi fir déi héich Pourcentagen, souwuel am Cadre fermé wéi och am Grade 13, gi wier.

Mä dank deem neien Automatismus sinn eis Craintë vun 2005, zumindest wat dee finanzielle Volet ugeet, no der Reform gréisstendeels onbegrënnt. Sécher bei de Bis-Graden do kéint et e bëssi méi eng ginn. Mä all Redakter kënnt an Zukunft an de Grade 13, mat oder ouni Responsabilitéiten.

Elo kann ee sech dann awer froen : firwat dat ganz Gedeessesems em dee Litige ? A quoi bon ?

Dozou kann ech nëmme soen : kee Litige war och keng Léisung. Et kann een net einfach zu allem jo soen, nëmme well ee mengt, dass d'Situatioun aussichtslos ass. An esou laang nach un den Texter gedoktert ginn ass fir deenen iwwer 100 Oppositions formelles vum Conseil d'Etat Rechnung ze droen, jo esou laang wier jo och nach ëmmer eppes dra gewiescht. Zumindest wat d'Konditiounen vum Mécanisme temporaire de changement de groupe uginn.

An nom Echech vun der Conciliatioun, eise Litige zeréckzéien, dat koum och net a Fro. D'Fuerderung no enger besserer Formatioun ass definitiv de roude FueDEM

dee sech duerch déi bal 40-järeg Geschicht vun der AGC zitt.

Dee Moment einfach ze soen « dann ass et awer gutt » an déi ganz Saach inklusiv dem Litige nees falen ze loossen, dat wier e Schlag an d'Gesicht vun all eise Virgänger gewiescht.

Sécher, mir sinn zwar déijéineg déi en charge ware wéi eis laangjäreg an absolut justifizéiert Revendicatioun de coup de grâce kritt huet. Mä einfach kleng bäi ginn, dat koum fir eis ni a Fro.

An dofir hu mir d'Procédure vum Litige esou wéi se virgesinn ass bis zum Schluss duerchgezunn.

Am deem Sënn hu mir de 5. Mäerz 2015 dem Minister vun der Fonction publique matgedeelt, dass mir op eist Streikrecht verzichte géifen an dass fir eis dëse Litige elo ofgeschloss wier.

Conclusioun

An domat wier ech dann och esou gutt wéi um Enn vu mengem Rapport d'activité ukomm.

Et ass dee leschten ënner dem President Fernand Muller. De Fern an ech, mir hunn ëmmer gutt zesumme geschafft, eis gutt verstan an eis géigesäiteg ëmmer nees ergänzt. Ob mir Bréiwer a Memoire geschriwwen hunn, bei d'Ministere streide gaange sinn, an der Conciliatioun, respektiv der Mediation eis Interesse verteidegt hunn oder ganz einfach an der Dréckerei op der Pakmaschinn, eisen Inforum zu Päck gebonnen hunn ir mir domat op d'Post gefuer sinn. Well och dat hu mir zwee all déi Joren ëmmer nees gemaach.

An dofir wëll ech dann och vun der Geleeënheet profitéieren an dem Fern villmools Merci soe fir déi flott an agreabel Zesummenaarbecht déi mir all déi Zäit haten.

Wéi mir d'lescht Joer am November eis Lëscht fir d'Chambre des fonctionnaires opgestallt hunn, do war och ech fest dovun iwuerzeegt net méi fir e weidert Mandat an der AGC ze kandidéieren. Liicht war mir dës Décisioun allerdéngs net gefall. Och wann et fir mech perséinlech eng ganz Rei Ursaache gouf fir d'Gewerkschaftsaarbecht un dee berühmten Nol ze hänken.

Mä an der leschter Plénière vun der Chambre des fonctionnaires, do hate mir e Projet de règlement grand-ducal um Ordre du jour, bei deem et em d'Personal vun der Assurance accidents gaangen ass.

Hei gëtt den Effectif an der Carrière supérieure renforcéiert fir ënner anerem den Départ à la retraite vun enger Rei vu Redakteren op Responsabilitéitsposten ze kompenséieren. Esou steet et wuertwärtlech am Exposé des motifs. E perfekt

Beispill also fir de systematesche Verloscht vun eisen traditionellen Attributiounen zu Gonschte vun der Carrière supérieure.

Dëse Projet huet mech esou rose gemaach dass ech mech an eiser Chamber bei der Presentatioun vum Avis ferme doriwwer opgereege hunn. Dat huet dann och eng länger a ganz interessant Diskussioun iwwer d'Formatioun ausgeléist. Mä et ass mir dee Moment awer och kloer ginn, dass ech nach laang net mat der AGC a mat der Carrière vum Redakter ofgeschloss hunn.

Sécher, un den Ursaachen aus deenen ech net méi an der AGC respektiv an der CGFP weiderfuere wollt, un deenen huet sech ze soen näischt geännert. Mä heiansdo muss een am Interêt vun der Saach iwwer säin eegene Schied sprangen. Wat ech dann och gemaach hunn, an awer nach sou ze soen « last minute » meng Kandidatur fir e weidert Mandat am Comité vun der AGC gestallt hunn.

Ech si fest dovun iwwerzeegt, dass et eis trotz dëser onsäglecher Reform a mat neien Iddien an engem neien Elan gelénge wäert, dofir ze suergen, dass d'Catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous groupe administrative « rédacteurs », oder wéi mir bis ewell gesot hunn d'Redakteschcarrière, och an nächster Zäit nach hir aktuell hierarchesch Positioun an der Verwaltung behale wäert.

An deem Sënn kann ech iech versécheren, dass eise Kampfgeescht net nëmmen «nach do» mä op en neits opgestachelt ginn ass.

Ech soen iech Merci.